PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 23/03/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa weiderzeleeden.

Säit iwwert engem Joer hält d'Covid-Kris d'Land an Otem an d'Gestioun vun der Kris huet eng ganz Rei Restriktioune mat sech bruecht. Reegelen, wéi z.B. e Couvre-feu, deen eng Aschränkung vum fundamentale Recht op Beweegungsfräiheet duerstellt, däerfen a Krisenzäiten awer nëmmen agefouert ginn, wa gewësse Prozeduren op europäeschem Niveau agehale ginn.

Den Art. 15 Punkt 3 vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun gesäit nämlech vir, datt d'Regierunge fir eng Aschränkung vun de fundamentale Fräiheeten duerchzeféieren, de Generalsekretär vum Europarot muss informéieren an him d'Grënn fir d'Restriktiounen duerleeën.

Ausserdeem misst d'Regierung de Generalsekretär vum Europarot och iwwert den Datum informéieren, un deem dës Moossnamen auslafen an d'Bestëmmunge vun der Mënscherechtskonventioun erëm voll ugewannt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gouf an all dëse Fäll de Generalsekretär vum Europarot doriwwer a Kenntnis gesat?
2. Wat fir Delaien, wéini d'Restriktioune géifen auslafen, goufe jeeweils uginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député